



D'Symbolik vun eisem Verbandsofzeechen

en dräibliedereg Kléiblat:

Gouf vum B.P. als Ofzeeche fir d'Guide gewielt wëll et Symbol vun der Nächsteléift a vum Gléck as.

Fleur de Lys:

Gouf vum B.P. als Ofzeeche fir d'Scoute gewielt et war deemols den übleche Nordfäil vun ale Kaarten, dëse soll eis d'Richtung weisen fir de richtege Wee ze fannen. Et as awer och en alt heraldescht Symbol vun Kinnecken, fir Rengheet a Fridden.

Bei der Faarf entscheede mir violett a wäiss sie sollen eis un d'Géigesätz an der Welt erënneren, déi mir sollen iwerwannen hëllefen.

Kléiblat an Fleur de Lyshun 3 Spëtzen / Blieder si weisen eis die 3 Prinzipien vum Guidissem / Scoutissem:

Lénks: duty to others

Mëtt: duty to God

Riets: duty to ouselves

Mir bestinn aus eenzelnen Deeler, mir sin e Mouvement, a Bewegung, dynamesch, op fir Verännerungen.

Kräiz:

Weißt déi chrëschtlech Orientéierung vum Verband as awer net opdrénglech, an hält dat Ganzt an der Mëtt zesummen.

2 Stären:

Si sin wéi 2 Aen, déi ëmmer op sin eis hëllefen an eis duerch d'Welt begleeden.

Si bedeuten awer och Gesetz an Versprieche doduerch hun si och 10 Spëtzen déi déi 10 Punkte vum Guide - / Scoutsgesetz bedeuten